***De Comité vum SPFP ass frou Iech eis Partnerschaft mat „Comfort Energy SA“ ze annoncéieren, vun där Dir ab dem <u>01/09/2024</u> profitéieren kënnt.***

- „Comfort Energy SA“ stellt **all Member vum SPFP (SNPGL/SPAL) een oder méi (max. 3) Clientscode(n) zur Verfügung**. Des Offer gëllt exklusiv hei zu Lëtzebuerg.
- „Comfort Energy SA“ bestätegt **all Member vum SPFP eng Remise op den Heizungsmazout Energy+ vun 3,5 Cent pro Liter (35€/1000 Liter)** (TVA abegraff) op den offizielle Präis.
- **Mindestquantitéit** pro Bestellung: **1000 Liter**.
- Déi **1$^{scht}$ Liwwerung** muss direkt beim Chauffer **cash oder per Kaart** bezuelt ginn (oppassen op Är Kaartelimitt).
- D'Bezuele vum Mazout kann duerno iwwer Rechnung oder duerch en „ordre de domiciliation“ vun enger Bank gemaach ginn, déi vun all Member selwer decidéiert gëtt.
- Wann den „ordre de domiciliation“ net ausgefouert ka ginn oder d'Rechnung net am Delai bezuelt gëtt, behält sech „Comfort Energy SA“ d'Recht vir, fir de Clientscode direkt ze blockéieren.
- All Ännerung betreffend ee vun de Benotzer muss direkt dem SPFP (SNPGL/SPAL) gemellt ginn. Wann e Member den SPFP (SNPGL/SPAL) verléisst, gëtt de Clientscode resp. Coden direkt blockéiert.
- Bei all Mëssbrauch vum Clientscode duerch Drëttpersounen gëtt dësen direkt gespaart.




Wat musst Dir maachen fir **een oder méi (max. 3) Clientscoden ze kréien**?

Ganz einfach: maacht eis en Email op may@snpgl.lu mat Ären Donnéeën oder rufft am Sekretariat ☎ 244 404 278 un fir eis Ären Interessi matzedeelen. Mir schécken/mailen Iech dann de Formular, **deen Dir <u>eis</u> komplett & ënnerschriwwen zeréckschéckt (1 Formular = 1 Code)**. Mir leeden dann alles u „**Comfort Energy SA“** weider a kuerz drop (ab dem 01/09/2024) kënnt Dir da vun dësem Virdeel profitéieren an Är éischt Bestellung maachen.